Recyclage am Grupperot

1. De Grupperot as eng Plaz vu Formatioun.
   E/ng Chef/taine as mat sénger Formatioun ni um Enn. Eng wichteg Roll vun dëser "Formation continue" kënnt dobäi dem Grupp an dem Grupperot zou. Nom Prinzip "learning by doing" sin déi praktesch Aarbecht an engem Guiden- a Scoutsgrupp an d'Reflexioun doriwwer immens wichteg. Dës Reflexioun soll an der Maîtrise (Cheféquipe) an am Grupperot e grousse Stellewäert hun.
   Esou kann d'Formatioun vum Chef/tvun der Chefaine kontinuéierlech an op déi konkret Besoin-e vum Grupp a vum Chef/taine ugepasst gin.

2. E Grupperot ka fir sech 1 Recyclage-Aktivitéit organiséieren. An dëser Aktivitéit mussen op d'manst 6 Stonne Formatioun dra sin. Eng flott Form bitt hei e Grupperotsdag oder -weekend.

3. Eventuell Inhalter an/oder Theme kënne sin:
   - Disziplin,
   - Zesummenaarbecht am Grupp,
   Psychologie vum Kand a vum Jugendlechen
   - Konfliktléisungsmethoden,
   - Wäerter an Ziler vun de Kanner, Jugendlechen, Erwuessenen, Chef/tainen
   - spirituell a reliéis Animatioun,
   - Fusiounsabsichten a Koedukatioun,
   - Relatioune mat Elteren an Amicalen,
   - Spiller an Animatiounstechniken, asw.

4. De Grupp kann op Spezialisten a Gaaschtriedner zréckgräifen. De Formatiounscommissaire ka bei der Sich hëllefen.

5. Spéitstens ee Mount virum Ufank vun der Aktivitéit schéckt d'/e Gruppechef/taine dem Formatiounscommissaire de Programm; hie/si schéckt och dem Gruppechefscommissaire eng Copie.

6. De Formatiounscommissaire gët dem Gruppechef/taine säin Avis of, no Récksprooch mam Gruppechefscommissaire.

7. Nom Modul schéckt d'/e Gruppechef/taine eng Participatiounslëscht an e kuurze Rapport un d'Zentral.